N°3036
Entrée le 15.10.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.10.2025
Chambre des Députés

**Här Claude WISELER**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 15. Oktober 2025

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Äech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend an un den Här Sportsminister weiderzeleeden.

D'Léierpersonal vun de Schoulen, dat d'Schüler·innen am Kader vun de Schwammcoursen an och am Kader vun der LASEP (Ligue des Associations Sportives de l'Enseignement Primaire) begleet, muss am Besëtz vum „Junior Life Saver"-Brevet sinn, fir d'Sécherheet vun de Kanner am Waasser ze garantéieren. Dee Brevet huet awer nëmmen eng Gültegkeetsdauer vun zwee Joer.

An deem Kontext wollt ech follgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugendun an un den Här Sportsminister stellen:

- Gëtt et Ausnamen zu der Gültegkeet vum „Junior Life Saver"-Brevet fir d'Léierpersonal?
- Gëtt d'Gültegkeet vum „Junior Life Saver"-Brevet vum Léierpersonal reegelméisseg iwwerpréift? Wa jo, ween ass dofir zoustänneg?
- Hunn d'Krittäre fir d'Erhale vum „Junior Life Saver"-Brevet sech an de leschte Jore geännert?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Nathalie MORGENTHALER
Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vum Sportsminister, Georges Mischo, op d'parlamentaresch Fro Nr. 3036 vun der honorabeler Deputéiert Nathalie Morgenthaler**

1. **Gëtt et Ausnamen zu der Gültegkeet vum „Junior Life Saver"-Brevet fir d'Léierpersonal?**
2. **Gëtt d'Gültegkeet vum „Junior Life Saver"-Brevet vum Léierpersonal reegelméisseg iwwerpréift? Wa jo, ween ass dofir zoustänneg?**
3. **Hunn d'Krittäre fir d'Erhale vum „Junior Life Saver"-Brevet sech an de leschte Jore geännert?**

Wéi am Artikel 6 vun der *Loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental* festgehalen, muss e Kandidat, fir zum Stage, deen op d'Funktioun vum Enseignant an der Grondschoul virbereet, zougelooss ze ginn, ënnert anerem e "brevet élémentaire de sauvetage aquatique" vu mindestens 12 Stonne virweise kennen. Zousätzlech hält de genannten Artikel fest, datt dëse Brevet vum Minister muss unerkannt sinn an dëst op Avis vun der *Fédération luxembourgeoise de natation et de sauvetage*. Et gëtt virun dësem Hannergrond also keng legal Obligatioun fir d'Enseignanten, spezifesch den "Junior Life Saver" ze hunn, fir fir de Stage zougelooss ze ginn an et bidden sech ënnerschiddlech aner Optiounen.

Des Weidere sief dorop higewisen, datt et eenzeg eng gesetzlech Obligatioun fir d'Virleeë vun engem Brevet fir den Ufank vum Stage gëtt a keng gesetzlech Restriktiounen a punkto Gëltegkeetsdauer virgesi sinn.

Dem Léierpersonal, dat de Schwammcours ofhält, gëtt iwwert d'Circulaire de printemps, déi all Joer en vue vun der nächster Rentrée publizéiert gëtt, recommandéiert, sech um Niveau vun der éischter Hëllef an dem Rettungsschwamme weider ze bilden.

Lëtzebuerg, de 18. November 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH